N° 6696
Entrée le 23.09.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Äntwert vum Aussen- an Europaminister Jean Asselborn op d'parlamentaresch Fro no. 6696 vum Honorablen Deputéierten Fernand Kartheiser

Den Aussen- an Europaminister war de 15. Juni 2022 fir e bilaterale Besuch a Bosnien-Herzegowina fir sech ënner anerem e méi geneet Bild vun der Situatioun an deem Land ze maachen. D'Regierung deelt den Avis vun der Europäescher Kommissioun an hirem Rapport iwwert Bosnien-Herzegowina vum 19. Oktober 2021, deen eng detailléiert Analyse iwwert den Zoustand vun der Demokratie an der Rechtsstaatlechkeet an Bosnien an Herzegowina enthält.

D'Regierung ass och der Meenung, datt den Zoustand vun der Demokratie an der Rechtsstaatlechkeet a Bosnien-Herzegowina nëmme verbessert kann ginn, wann déi 14 Prioritéiten, esou wéi si am Avis vun der Europäescher Kommissioun vum 29. Mee 2019 virgesinn ginn, ëmgesat ginn.

Lëtzebuerg wäert Bosnien-Herzegowina weiderhin ënnerstëtzen bei der Ëmsetzung vun de Reformen, déi néideg sinn fir d'Land méi no un d'EU erunzeféieren.

Am Aklang mat de Conclusiounen vum Europäesche Rot vum 23. a 24. Juni 2022, encouragéiere mir déi Verantwortlech a Bosnien-Herzegowina, huerteg déi politesch Eenegung vum 12. Juni 2022 ëmzesetzen an d'Verfassungs- a Walreform ofzeschléissen fir datt d'Land op sengem europäesche Wee ka virukommen. D'Regierung ass och bereet fir Bosnien-Herzegowina, wat zanter Juni 2003 eng Bäitrëttsperspektiv huet, de Status vun engem EU-Kandidateland ze accordéieren, op Basis vun engem Rapport vun der Kommissioun iwwert d'Ëmsetzung vun de Reformen.

Luxembourg, le 22 septembre 2022

Den Aussen - an Europaminister

(s.) Jean Asselborn